N°7431
Entrée le 02.01.2023
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.01.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/01/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

Zënter Joren héiert een ëmmer erëm, dass et eng Iwwerpopulatioun u Wëllschwäi géif ginn. Verschidden Acteure maachen d'Politik dofir verantwortlech, well d'Reegelen, wéi eng Juegd dierf ofgehale ginn, ze strikt wieren. Wann een d'Ofschlosszuelen aus de leschte Joren awer kuckt, gesäit een, dass Joer fir Joer méi Wëllschwäin erschoss ginn. Deemno kann een net pauschal soen, dass d'Reegelen, déi och fir ee gewëssene Schutz vun der Natur a vum Déier solle suergen, der Juegd géifen am Wee stoen. D'Wëllschwäipopulatiounen huet och vun enger intensiver Landwirtschaft an engem douce Klima wéinst der Äerderwärmung profitéiert.

Och d'Andrénge vum Mënsch an de Liewensraum vun den Déieren huet dofir gesuergt, dass Populatiounen ënner méi Iwwerliewensstress geroden, wat och een Impakt op de Reproduktiounsrythmus vun de Wëllschwäin huet. Do muss een sech och d'Fro stellen, ob d'Juegd an hirer aktueller Form nach ugepasst ass, fir d'Wëllschwäinpopulatiounen an de Grëff ze kréien. Klappjuegten oder, wéi se elo genannt ginn, Beweegungsjuegten, bréngen mat sech, dass de Mënsch op den Territoire vun den Déieren andréngt an d'Déieren am Bësch an eng temporär Panik versetzt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. An de järleche Berichter vum Ëmweltministère fënnt een ëmmer nëmmen d'Ofschlosszuelen, mee net d'Bestandszuele vun de Wëllschwäinpopulatiounen erëm.
    - Firwat ginn op deene Plazen, op deenen "ze vill" Wëllschwäi sinn, keng Zielunge virgeholl?
    - Ab wéi vill Unitéite sinn op enger Plaz "ze vill" Wëllschwäin?
    - Fir wat gëtt kee Plang opgestallt, dee quantifizéiert duerleet, wéi vill Wëllschwäin op enger Plaz liewen a wéi vill Wëllschwäin de Ministère op dëser Plaz wéilt hunn (Ist-Soll-Analyse)?

2. Am RTL-Interview vum 28ten Dezember schwätzt de Conseiller vum Ëmweltministère dovunner, dass de Bien-être animal primordial ass an een do wéilt Verbesserunge maachen, zum Beispill fir d'Zuel vun de blesséierten Déieren ze reduzéieren.
    - Ginn et Zuelen doriwwer, wéi vill Déiere falsch ugeschoss gi sinn? Falls jo, kann d'Ministesch mir d'Zuele vun de vergaangenen 3 Joer virleeën?
    - Falls nee, wéi wëll d'Ministesch dofir suergen, fir dass manner Déiere falsch ugeschoss

ginn, wann een net bemoosse kann, wéi vill der falsch ugeschoss ginn?

3. Fir wat mengt d'Ministesch, dass d'Notze vun Nuetsiichtgeräter fir eng Verbesserung wäert suergen?

4. Ass d'Ministesch der Meenung, dass méi Klappjuegten a Beweegungsjuegte mussen ofgehale ginn, fir d'Wëllschwäinpopulatiounen ze reduzéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten